

# 150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuurger Land

## 5. Deel : Déi zwee éischt Krichsjoëren (1940 - 1942)

---

An engem Memorandum vum 9. Mee 1940 hat Däitschland feierlech déclaréiert: "Die Reichsregierung gibt ihrerseits der Grossherzoglich Luxemburgischen Regierung die Versicherung, dass Deutschland nicht die Absicht hat durch seine Massnahmen die territoriale Integrität und politische Unabhängigkeit des Grossherzogtums jetzt oder in Zukunft anzutasten."

Awer scho bei sengem éischten öffentlechen Optrëtt zu Lëtzebuerg, et war de 6. August 1940, wéi déi däitsch Polizeiformatiounen vun de Preisen feierlech zu Lëtzebuerg ageféiert an um "Paradeplatz" (Place d'Armes) an der Stad opmarschéiert sin, huet de Gauleiter Gustav Simon d'Kaz aus dem Sak gelooss, wéi hie proklaméiert huet: "Das Land Luxemburg hat aufgehört zu bestehen, es bildet einen Teil des Deutschen Reiches."

Durch "Geheimerlass" vum 2. August 1940, hat den Hitler de Gauleiter vu Koblenz-Tréier, CdZ (Chef der Zivilverwaltung) vu Lëtzebuerg ernannt. Bei deser Geléenheet huet de "Führer", dem Gustav Simon operluegt "Luxemburg in kürzester Zeit dem Deutschtum wieder zu gewinnen" (grad ewéi wa mir schon eng Kéier Preise gewiescht wären!)

Fir sengem Här a Meeschter ze gefaalen huet de Gauleiter vum Gau Moselland (wéi deen neie Gau vun der NSDAP elo genannt gouf) versicht, mat vill Propaganda Lëtzebuerg ze germaniséieren an ze verdäitschen.

Wat hie net mat Propaganda fäerdeg bruecht huet, huet hie versicht mat brutaler Gewalt a mat Terror z'erreechen! ("Von der Zauberflöte bis zum Standgericht" wéi de Paul Spang dat richtig genannt huet). D'Lëtzebuurger Press gouf monddout gemaach a mat der däitscher Press gläichgeschalt.

D'Hauptleit vu "WORT", "TAGEBLATT" a vum Kommunistebliedchen "VOLKSSTIMME" goufen ugangs September verhaft fir an ee KZ gestach ze gin. Déi meescht vun hinne sin nët erëm komm!

D'franséisch Sprooch gouf verbueden (ee "merci" oder "bonjour" konnt béis Suite kréien) an den "deutsche Gruss" - Heil Hitler mat ewech gestrecktem Arem - gouf agefouert. D'"Verordnung über den Gebrauch der deutschen Sprache im Lande Luxemburg" vum 6. August 1940 huet di däitsch Sprooch als eenzeg offiziell Sprooch declaréiert. Bis den 30. September 1940 hu missen déi franséisch Stroossen- a Verkéiersschëlde durch däitscher ersat gin. Op de Geschäfte huet kee franséisch Wuert méi dürfen ze stoen. D'Nimm an d'Virnimm hu misse verdäitscht oder germaniséiert gin. Esou gouf z.B. zu Useldéng aus der "Quincaillerie Jean-Pierre Mertz" d' "Eisenhandlung Johann Peter Mertz" (wéi een elo erëm un der Fassad vum fréiere Geschäft liese kann). An der Groussgaas zu Lëtzebuerg ass aus der "Confiserie NAMUR" d'"Feinbäckerei und Zuckerwarenhandlung NAMEN" entstan (de wallounesche Numm "NAMUR" gouf duerch de flämeschen Numm "NAMEN" ersat).

D'Nei Avenue (Av. de la Liberté) an der Stad as emgedeeft gin a krut den Numm "Adolf Hitler Strasse". Alles wat typesch lëtzebuergesch war, gouf verbueden. D'Veräiner goufen opgeléist an

d'Verméige vun de Veräiner gouf confiskéiert. Näischt méi, awer och guer näischt méi sollt un eng lëtzebuergesch Identitéit erënneren!

Mat vill Propaganda goufen d'Lëtzebuerger opgefuedert an d'VdB (Volksdeutsche Bewegung) anzetrieden. An de Schoule gouf vill Reklam fir d'LVJ (Luxemburger Volksjugend) gemaach. Ma ouni vill Erfolleg.

Als Aentwert op dem Gauleiter séng massif Propaganda, huet sech an der grousser Mass vum Vollek lues a lues eng passif Resistenz opgebaut. Et ass scho gläich am August 1940 mat dem "Spéngelskrich" ugang. Bei der Joerhonnertfeier vun eiser Onofhängegkeet (1939), hat praktesch all Mensch d'Spéngel vum lëtzebuenger Wopen mat dem roude Léiw um Revers vum Paltong stiechen. Et war grad dës Spéngel déi de Preise net gefall huet. Nodeem datt de Gauleiter esou grouss Téin vu sech ginn hat, hun déi meescht Letzebuerger d'Spéngel mat dem Roude Léiw erëm an d'Knepplach gestach. Eng éischt Aktioun vun der UdB a vun der LVJ huet dora bestan, datt frech Typen de Leit d'Spéngel aus dem Knepplach gerappt hun, a wa se sech gewiert hun, da war d'Gestapo direkt hannendrun fir d'Leit ze verhaften. An der Villa Pauly kruten se d'Lektioun opgesot, a krute matgedeelt, si kéimen an d'KZ wa se esou géngé viru fueren!

Duerno koum de "Béretskrich". All Bouf, ma och vill erwuesse Leit haten deemols ee "Béret" (béret basque) op. Dat war kee germanesche "couvre-chef". De Béret huet zevill un d'Franzosen erënnert! Déi Typen, déi fir d'éischt de Leit d'Spéngel aus dem Knepplach gerappt hun, sin elo op d'Leit lass gelooss gin, fir en de Béret vum Kapp ze räissen. Een dee mat engem Béret erwescht gouf, krut ee Fouss hannebäi a krut Frechheete gemaach! Duerch eng "Verordnung" vum CdZ ass de Béret verbuede gin. Wie sech duerno erwesche gelooss huet, krut d'Police geschéckt a gouf mat 100.- RM (Reichsmark) gestroft!

Den 20. Oktober 1940 ass d'Gëlle Fra un d'Rei komm. Eng Dampfwalz huet d'Monument emgezun. (Fir d'Preise war d'Gëlle Fra ee "Schandmal" wat un de Brudermord vun 1914 - 1918 erënnert huet). Dee Vandalenakt war zevill. D'grouss Mass vum Vollék huet d'Fauscht an der Täsche gemaach. Et as eng Protestwell duerch d'ganz Land gaang! An der Stad sin den 20. Oktober Géigendemonstratiounen entstan. D'Gestapo an den SD (Sicherheitsdienst) vum EKL (Einsatzkommando der Sicherheitspolizei und des SD in Luxemburg) waren an Aktioun an hun 48, meeschtens jonk Leit verhaft wéi d'Gëlle Fra emgezu gouf.

Eng éischte Kéier hun d'Preise sech um lëtzebuenger Jonktem vergraff, wéi de 4. Dezember 1940 eis Fräiwellegekompagnie op Weimar an Thüringen verfracht gouf, fir do als "Polizeieinheit" ëmgeschoult ze gin. En etlech Woche virun war de "Reichsführer SS" Heinrich Himmler héchstperséinlech op Lëtzebuerg komm fir d'Fräiwellegekompagnie ze inspizéieren. Bei der Geléenheet gouf decidéiert, datt aus eisen Zaldoten ee Batailloun vun der däitscher Schutzpolizei gemaach soll gin. 471 lëtzebuenger Zaldoten, Enneroffizéier an Offizéier goufen zu Weimar ëmgeschoult. Am Mee 1941 war d'"Umschulung" fäerdeg. Den 21. Mee gouf an der Weimarahalle zu Weimar ee groussen "Abschiedsabend des Ausbildungsbataillons (L) Weimar" organiséiert. Eis Jonge koumen a Jugoslawien an de "Partisaneneinsatz". Wie rebelléiert huet, gouf an ee KZ gestach. 21 sin désertéiert an 31 vun hinne sin a preisesche Nazi-Kazetter ëm d'Liewe komm. Eis Fräiwellegekompagnie huet ee grouse Bluttzoll bezuelt. Vun deene 471 jonke Lëtzebuerger, deenen hire Leidenswee de 4. Dezember 1940 ugaang as, koumen der 77 net méi heem. Déi net am KZ ëm d'Liewe koumen sin am Partisanen-Einsatz oder an der Front erschoss gin! Aus der Militärmusek as ee "Polizei-Musikzug" gin.

Lues a lues as am Hierscht 1940 aus der passiver Resistenz déi organiséiert aktiv Resistenz entstan. D'Hauptorganisatiounen waren: d'LPL (Lëtzebuerger Patriote Liga), d'LVL (Lëtzebuerger Vollékslegioun), den LRL (Lëtzebuerger Roude Léiw), den LFB (Lëtzebuerger Fräiheetsbond) fir nëmmen dës Organisatiounen ze nennen.

Deen éischte groussen Erfolleg vun der organisierter Resistenz war den Echec vun der sougenannter "Personenstandsaufnahme" vum 10. Oktober 1941, déi vum Vollék séier als Referendum emgedeeft gouf. Op der Zielkaart waren dräi harmlos Froen agewéckelt, déi no de Virstellunge vum Gauleiter a sänge Gesellen nëmme mat "deutsch" beäntwert kënnle gin. Ma d'Preisen hate nët mat dem lëtzebuerger Klatzkapp gerechent. Op déi dräi ominös Froen "Staatsangehörigkeit", "Muttersprache" a "Volkszugehörigkeit" hate 90 % vun de Leit dräimol mat "lëtzebuergesch" geäntwert. Wéi d'Preisen nom auswäerte vun deenen éischten Zielkaarten de Fiasko gesin hun, gouf de "Referendum" ofgeblosen. D'Blamage fir de Gauleiter war grouss! Hie wollt séngem Führe de Bewäis erbréngen, datt d'lëtzebuerger Vollék sech zum "Deutschtum" bekannt hätt.

Dat war awer derniewent gaang, obschon d'VdB (Volksdeutsche Bewegung) am Summer 1941 méi wéi 70.000 ageschriwwen Memberen hat! D'Preisen hu misse réaliséieren, datt déi grouss Mass vun der VdB fräiwelleg gezwongen Membere waren! Tatsächlech haten den CdZ an de Landesleiter vun der VdB de 24. Oktober 1940 proklaméiert, et géif deemnächst kee méi an d'VdB opgeholl gin. Jiiddereen, deen dann net Member vun der VdB war, dee kennt domat rechnen, datt e seng Plaz géng verléieren well en dann ënnert déi Kategorie vu "Volksgeossen" géng aklasséiert gin déi betitelt goufen "Sie bieten nicht die Gewähr"! Dës Kategorie vu Lëtzebuerger goufen an Däitschland zwangsverpflicht. Vill vun hinnen hu misse mat der Schépp op der Eifeler Autobunn schaffen. D'Angscht ëm d'Brout war d'Ursach vun deem formidable Succés deen d'VdB op eng Kéier hat. Ufanks Oktober hat d'VdB 5000 Memberen, Enn Oktober 40.000 an Enn Dezember 1940 50.000! Anscheinend soll d'VdB Mëtt 1941 ronn 70.000 Membere gehat hun. Wéi iwwerzeegt déi 70.000 Lëtzebuerger vun hirem "Deutschtum" waren, huet de Referendum vum 10. Oktober 1941 ergin! D'Blamage fir de Gauleiter Gustav Simon an de Landesleiter vun der VdB, Damian Kratzenberg, war perfekt.

Nodeem schon am Januar 1941 14 jonk Lëtzebuerger op Hinzert koumen (11 Huldanger an 3 Wëlzer), well se zu Huldang Grossherzoginsgebuertsdag gefeiert haten, as elo eng regelrecht Verhaftungswell duerch d'ganz Land gaang. Déi éischt Etappe vum Leidenswee war d'Villa Pauly (de Sëtz vun der Gestapo zu Lëtzebuerg, haut als "Monument National" klasséiert) . An der Villa Pauly sin déi Verhaft verhéiert gin, si krute Streech oder goufe gefoltert fir se un d'schwätzen ze kréien. Duerno koumen se an de Stadgronn an de Prisong fir uschléissend am "SS-Sonderlager" Hinzert am Honsréck internéiert ze gin. Vun Hinzert aus huet de Wee normalerweis an ee KZ gefeiert. Dachau, Buchenwald, Mauthausen, Sachsenhausen, Natzweiler, Bergen-Belsen oder och Auschwitz, dat waren d'Endstationen vu ville Lëtzebuerger, wou se Onmenschlechtes erlidden hun a vun deenen et oft, vill ze oft, keen zréck méi gouf! Ronn 300 Matbierger aus alle Volléksschichten sin an der éischter Halschecht vum November 1941, dat heescht direkt nom Echec vun der "Personenstandsaufnahme", zu Hinzert ageliwwert gin! Et ware meeschtens Resistenzler vun der éischter Stonn, déi an der LPL organiséiert waren.

De "Reichsarbeitsdienst" (RAD) fir Jongen a Meedercher vun de Joergäng 1920-24 gouf den 13. Februar 1941 duerch eng Verordnung vum CdZ zu Lëtzebuerg agefeiert. Virdu war scho vill Reklam fir de RAD op fräiwellegger Basis gemaach gin. Den Erfolleg war esou gutt ewéi Null! Universitätsstudenten hu misse virdu de RAD maachen, soss konnte se sech net op enger däitscher Universitéit aschreiwen, oder, wa se scho studéiert hun, si se geflunn, wann se sech net fräiwelleg an de RAD gemellt hun. D'Resultat war, datt déi meescht Lëtzebuerger op den däitschen Universitéiten keng Chance méi haten.

Ma ir déi éischt Stellungsbeheeler fir de RAD zougestallt goufen, si schon eng ganz Retsch jonk Leit vun deene betraffene Joergäng duerch Passeuren iwwer d'franséisch Grenz gesat gin, fir iwwer eng organiséiert Filiäre bis an déi onbesaten Zone südlech vu Lyon geschleist ze gin. Vun do aus hu se versicht, fir an England ze kommen. Vill vun hinne sin an engem franséischen oder

spuenesche Lager (Miranda) internéiert gin. Eis Exilregierung huet näischt ënnerholl fir de Lëtzebuerger um Wee fir an England ze hellefen. Am Géigendeel, déi auslännesch Instanzen, déi eise Jonge finanziell wollten hëllefen (an d'Sue bei eiser Regierung ëremgefrot hun), krute vu London aus een Telegramm geschéckt wou drop stong: "Cessez tous secours aux Luxembourgeois"!!! - Dat sin och Tatsaachen.

Wéi den Hitler am Juni 1941 Russland iwwerfall huet, hun de Lëtzebuerger hir Ae geblénkt. Si ware ganz optimisteschesch an hu gemengt et géif dem Hitler esou goen wéi et dem Napoléon scho gaange war. Si sollte recht behalen, ma et huet awer nach 4 Joër gedauert ir et esou wäit war. Et ware 4 schrecklech Joren!

Déi däitsch Propaganda huet keng Grenze méi kannt. Aus den Haut-Parleuren, déi an alle gréisseren Uertschaften opgestallt gi waren, huet an de Joeren 1941 -1942 eng "Sondermeldung" déi aner iwwerschloen. Mat Fanfaren a Marschmusik gouf eng "Siegesmeldung" no der aner eraus gebläert. Bal gouf matgedeelt wéivill "Bruttoregistertonnen" vun den däitschen U-Booten op de Weltmeere versenkt goufen, bal gouf matgedeelt wätfir eng russesch Stad ageholl gi war oder wou erem eng grouss Kessel- oder Materialschluecht geschloen a gewonnen gouf. Ma trotz all deene "Siegesmeldungen" wollten d'Lëtzebuerger einfach net un de preiseschen "Endsieg" gleewen!

Ganz enorm a mat vill Courage huet d'Lëtzebuerger Vollék réagéiert, wéi de Gauleiter Gustav Simon, et war den 30. August 1942 a Kiirmessonndeg an der Stad, am Kader vun enger "Grosskundgebung" an der Ausstellungshal um Lampertsbierg, d'"Wehrpflicht" fir d'Joergäng 1920 - 1924 verkënnegt huet. Vu Moskau, iwwer London a Washington huet d'Welt opgelauschtert wéi dat klengt lëtzebuerger Vollék sech géint ee Ries gewiert huet! Eng Protest- a Streikwell as den 31. August 1942 spontan duerch d'ganz Land gaang. D'Siren vun der "Ideal" zu Wolz huet moies ëm 11 Auer getuut an ee Protestmarsch as vun der "Ideal" (Liederfabrik) aus duerch d'Stroosse vu Wolz gezun. Ennerwee hu sech ëmmer méi Leit ugeschloss. Déi Nouvelle as wéi ee Laaffeier duerch d'Land gaang an owes ëm 6 Auer huet de "Bier" vun der Schëfflenger Schmelz ugefaang ze brëllen. Et war d'Zeeche fir ze streiken. De Streik gouf praktesch am ganze Minette befollegt. Den 1. August hun d'Bauern zu Kielen hir Mellech, anstatt ofzeliwweren, an de Revers geschott! De Generalstreik as queesch duerch d'Land gaang. Dem Gauleiter séng Reaktioun war fiirchterlech! Den "Ausnahmestandard" gouf den 31. August fir d'éischt iwwer Esch an duerno iwwert d'ganz Land verhaang. Gläichzäiteg gouf ee "Standgericht" agesat. D'Gestapo huet 121 Matbierger verhaft. Dovu goufen 20 Patrioten den 3., 4., 5., a 9. September 1942 zu Hinzert erschoss! Bluddeg rout Plakate goufe nuets opgehaang an hun d'Nimm vun deenen Erschossene matgedeelt. Den Heinrich Adam, vun däitscher Ofstammung, hat d'Siren zu Schëffleng ageschalt an einfach brëlle gelooss! Hie gouf a Kette virun d'Sondergericht geschleeft an den 11. September zu Köln gekäppt!

Ma mat de Verhaftungen an dem Standgericht war de "Chef der Zivilverwaltung" a Gauleiter Gustav Simon nach net zefriden.

Schon den 9. September huet den Despot nei Mesüre verkënneg gelooss fir d'"Deutschtum" am westleche Grenzraum ze secheren!